# Bilan 5 Joer « Wiisser Leit »

*De 15. Januar 1990 war déi 6. Generalversammlung vun de Wiisser Leit, déi doduerch gezeechent war, dass e.a. de President Gérard Hein an de Sekretär Fernand Tremuth hir Demissioun ginn hunn. Mam Accord vum Comité heut de Sekretär de Bilan vum Joer 1989 an och de Bilan vu 5 Joer Wiisser Leit der Generalversammlung virgedroen. Hei deen Deel, deen déi 5 Joer säit der Grënnung vun de Wiisser Leit resuméiert :*

Iwwermar, de 17. Januar 1990 gëtt et fënnef Joer, dass d' Wiisser Leit gegrënnt goufen, eng Uersaach fir e kuerze Bilan iwwert déi fënnef Joer ze zéien.

Fir d'éischt e puer Zuelen :

- organiséiert hu mer :
  - 5 Blummenaktiounen (15 671 Blumme si bestallt a geliwwert ginn)
  - 2 gemittlech Nomëtteger
  - 6 Éirungen
  - 3 Botzaktiounen
  - 4 Grillfester
  - 4 Kleesechersfeieren
  - 5 Duerffester
  - 4 Aweihungen (1 Gemengerot)
  - 7 Trëppeltoureltier (4 mat Kommentar)
  - 5 Iessen
  - 2 Informatiounsversammlungen
  - 8 Theaterowender
  - 10 Tombolaën
  - 3 Planzaktioune mat de Kanner
  - 2 Konferenzen
  - 1 Quiz
  - 1 Kancours
  - 1 Conveniat
  - 1 Besuch am « Wort »
- mir hunn deelgeholl un enger Cavalcade
- mir hunn eng Coupe gestëfft
- mir haten 23 Entrevuën, dovu 7 mam Schefferot
- de Comité ass 57 mol zesumme komm, dobäi si 451 Puntke beschwat ginn
- den 13. Februar 1985 hate mer owes no der 1. Generalversammlung 51 Membren, 1986 waren et der 105, 1987 151, 1988 och 151 an 1989 153.

- Finanziell hu mer de Veräin op stabill Féiss gestallt : owes no der Grënnungsversammlung hate mer 4.000.- Frang an der Caisse, gestëfft haaptsächlech duerch Bäitreg vu Membre vum Comité, haut hu mer 300.000.- Frang an der Caisse.

D'Wiisser Leit hunn neit Liewen an d'Duerf bruecht, ech mengen, dat ass onemstridden. An deene 5 Joer säit d'Wiisser Leit bestinn, sinn och nach ner Veräiner entsanen oder nei opgelieft. Op dat eppes mat de Wiisser Leit ze dongen hat, op d'Wiisser Leit vläicht nëmmen de Kader geliwwert hunn, wou doriwwer diskutéiert gouf, wou d'Ideeën eropkoumen oder ausgeschafft goufen, sief dohi gestallt ; sécher ass, dass d'Wiisser Leit och en neien Diskussiounsforum geschafen hunn.

Mat 21 Mann am 1. Comité kann een sech virstellen, dass et net ëmmer einfach war, all déi Ideeën op e gemeinsame Nenner ze bréngen. Et huet vläicht jidfereen e bëssche gesicht, seng Ideeën eranzebréngen, a muncheree war och dann enttäuscht, wann seng Ideeën net ëmmer direkt bei all deenen anere verstan goufen, an deen Uklank fond hunn, deen hien sech erwaart hat.

Ganz dax war et flott, 't ass vill gelaacht a gespaasst ginn bei de Wiisser Leit, 't waren och Momenter do, wou et emol méi haart hier gaang ass, wou gemault, sech geiergert an och emol geflucht ginn ass.

Trotz all deem awer kënne mir alleguer hei zesumme stolz sinn op dee Bilan, deen hei virläit. 5 Joer Aarbecht, déi sech rentéiert hunn. 5 Joer awer och, no deenen ee kan verstoen, dass déi Leit, déi bis dohinn de Geescht vum Veräin bestëmmt hunn, bereet sinn, och aneren d'Ruder ze iwwerloossen, fir déi ugefaangen Aarbecht weiderzeféieren, mat neiem Elan a mat neier Begeeschterung. Et soll weider gelaacht a gespaasst, diskutéiert a geschafft ginn bei de Wiisser Leit. Da wëll ech awer och nach e puer perséinlech Wierder zum Ofschloss soen, wann eise President mer dat erlaabt.

E puer Wuert fir d'éischt fir perséinlech merci ze soen all deenen, déi bis elo zum Wuel vum Duerf, senge Leit an de Wiisser Leit zesummegeschafft hunn.

E besonnesche Merci deenen, déi mir bei menger Charge als Sekretär gehollef hunn. Dee gréisste Merci allerdéngs ass fir eise Gerry, deen et fäerdeg bruecht huet, eise Veräin während 5 Joer esou ze féieren, wéi et sech gehéiert, a wéi een dat vun him gewinnt ass, mat klore Prinzipien, mat ganz vill Asaz, vill Gedold an deer néideger Duerchsetzungskraaft, mat Duerchbléck an engem Bléck, fir ganz vill Problemer am Viraus ze gesinn an se ze léisen. Ech hunn op alle Fall déi 5 Joer laang probéiert, hien esou gutt wéi ech konnt, loyal ze ënnerstëtzen an him ze hëllefen, an deem Geescht, an deem d'Wiisser Leit gegrënnt goufen.

D'Ursaachen, firwat ech net méi wëll mat un der Spëtzt vun de Wiisser Leit bestëmmen, hunn ech a menger Demissioun am Comité jo duergeluet. Ech wier frou, wann déi esou verstan géife ginn, wéi se gemengt waren, a kee eppes dohannert géif siche goen, wat net do ass. Meng 5 Joer bei de Wiisser Leit ware flott, an et deet mer net leed fir all dat, wat ech doram op all Manéier investéiert hunn.

Mäi gréisste Wonsch ass et, dass de Sekretär an der Generalversammlung 1995 grad esou e positive Bilan ka virleeën, wéi ech dat haut am Numm vun alle menge Kollegen aus dem Comité hei konnt maachen.